ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 25. Mäerz 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch **Drénglechkeetsfro** un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

D'Coronakris beschäftegt eis zur Zäit all. D'Anträg op d'Invaliderente, respektiv déi sougenannten Indemnité d'Attente, wou de betraffene Leit ee Refus matgedeelt ginn ass, do hunn d'Leit just 40 Deeg Zäit, fir dës anzereechen. Mee an dëser Zäit ginn och eenzel Leit bei den Kontrolldokter geruff an eenzeler kruten de R.V. ofgesot. Elo riskéieren dës Leit, ouni Revenu do ze stoen, ënnert anerem och, well hire Chômage oder Vergläichendes ofleeft a Verschiddener och riskéieren, a kenger Krankekeess méi ze sinn.

An dësem Kontext géif ech gären dës Froen un den Här Minister riichten:

1. Ass an Zäiten vun der Coronakris hei eng Verlängerung vun dësen Delaien virgesinn?
2. Gëtt de betraffene Leit dëst matgedeelt?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742